Le caractère urgent de la question a été reconnu (28.06.2019)

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le
28 JUIN 2019
841

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 441/19
28 JUIN 2019
A traiter par:
Copie à:

Lëtzebuerg, den 28/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Wéinst der Hëtztwell, déi momentan grouss Deeler vun Europa am Griff huet, si vill Déierentransporter net an der Lag d'Konditioune vun engem aartgerechten Transport ze erfëllen, sou wéi en am Annexe I vum EU-Reglement 1/2005 virgesinn ass. Dëst mat schreckleche Konsequenze fir d'Wuel vun den Déieren.

De franséische Landwirtschaftsminister huet aus dësem Grond all d'Déierentransporter op franséischem Territoire suspendéiert bis d'Temperaturen sech erëm an engem akzeptabele Beräich befannen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Opgrond vun den extrem héijen Temperaturen, wéi vill Kontrolle bei Déierentransporter goufen dës Woch zu Lëtzebuerg ausgefouert?
  - Bei wéi villen Transporter sinn ze héich Temperature festgestallt ginn?
  - Wéi eng Strofe goufen doropshin ausgeschwat?
- Wäert d'Regierung, ähnlech wéi Frankräich, een zäitlecht Verbuet vun Déierentransporter arrêtéieren bis d'Temperaturen sech erëm normaliséiert hunn?
  - Falls jo, wou wäerten d'Déieren, déi op lëtzebuergeschem Territoire sinn, tëschenzäitlech versuergt ginn?
  - Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82530

Réf 441/19

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 2 juillet 2019

Objet: Question parlementaire urgente n° 841 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire urgente citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire urgente n° 841 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

° **Opgrond vun den extrem héijen Temperaturen, wéi vill Kontrolle bei Déierentransporter goufen dës Woch zu Lëtzebuerg ausgefouert**?

D'Kontrollen vun Déierentransporter ginn op verschiddenen Niveauen duerchgefouert. Déi Transporter déi Déieren an d'Schluechthaiser hei am Land féieren, ginn "à destination" vun den Vétérinairen am Schluechthaus kontrolléiert. Eng vun deenen Kontrollen bezitt sech op den Respekt vum "bien-être au transport". Et gëtt iwwerpréift ob d'Déieren transportfäheg waren an evaluéiert ob den Transport sech korrekt ofgespillt huet duerch d'Iwwerpréiwen vun verschiddenen Kriterien beim Oflueden vun den Déieren am Schluechthaus. Déi Déieren déi an d'Ausland transportéiert ginn, sief et op en Betrib oder an en Schluechthaus, ginn au départ vun der Veterinärsinspektioun kontrolléiert. Hei mussen, laut europäescher Legislatioun, verschidden Konditiounen respektéiert ginn an dës beschäinegt den Veterinärinspekter duerch seng Ënnerschrëft um Gesondheetszertificat. Falls den Transport méi wéi 8 Stonnen dauert, muss vum Transporteur en "plan de marche" opgestallt ginn den opweist wéi laang den Transport dauert an wou Pausen ageluecht ginn. Och dëst Dokument gëtt am Virfeld vum Inspekter kontrolléiert op seng Plausibilitéit.

Wat elo déi auslännesch Transporter betrëfft, déi am Transit duerch eist Land fueren, ginn dës Kontrollen vun der Douane respektiv der Police duerchgefouert. Et handelt sech hei em Routineskontrollen déi bei Camionen duerchgefouert ginn oder spezifesch Kontrollen déi sech op Déierentransporter konzentréieren.

Wat elo déi lescht Woch mat héijen Temperaturen betrëfft, sinn keng spezifesch Kontrollen duerchgefouert ginn an et sinn bei den normalen Kontrollen keng schwéierwigend Mängel opgefall.

° **Wäert d 'Regierung, ähnlech wéi Frankräich, een zäitlecht Verbuet vun Déierentransporter arrêtéieren bis d 'Temperaturen sech erëm normaliséiert hunn**?

Als éischt ass ze bemierken dass Frankräich kee Verbuet eraus ginn huet mee éischter Restriktiounen mat präzisen Recommandatiounen wéi Transporter sollen organiséiert an wéi d'Kontrollen sollen duerchgefouert ginn fir den "bien-être animal au transport" bescht méiglechst ze garantéieren. Dobäi kënnt, dass d'Firmaen déi Déierentransporter duerchféieren sech dem Klima ugepasst hunn an versicht hunn zu den méi killen Dageszäiten, Moies fréi oder Owes, d'Déieren ze transportéieren.

Och sief betount, dass national d'Transportweeër oft kuerz sinn an domat déi negativ Konsequenzen fir den Déiereschutz kënne verhënnert ginn. Zousätzlech ass nach ze bemierken, dass mir am Fall vun engem kompletten Transportstop den Risiko aginn dass eis Ställ iwwer beluecht sinn wat erëm e Problem duerstellt fir den bien-être animal.

Wat d'Transporter am Transit betrëfft, ass et ganz schwiereg déi ze verbidden aus dem Grond well mir keng Opfaangstrukturen, sougenannt "points d'arrêt" hei zu Lëtzebuerg hunn wou déi Déieren kënnen ofgelueden an mat Fudder an Waasser versuergt ginn.

Schlussendlech ass drun ze erënneren, dass ech, wéi och verschidden Ministeren aus aneren europäeschen Länner, en Verbuet ausgesprach hunn fir lieweg Béischten an d'Türkei ze transportéieren wärend de Summerméint (vun Juli bis September) well et hei duerch déi laang Waardezäiten op der türkescher Grenz an den leschten Joren ëmmer erëm Problemer gouf wat den Déiereschutz betrëfft.